N°327
Entrée le 15.03.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et de la Biodiversité

**Gemeinsam Äntwert vum Här Minister fir Ëmwelt, Klima an Biodiversitéit an der MAdamm Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n°327 vum 13. Februar 2024 vum éierewäerten Deputéierten Här Gusty Graas iwwert "Piste cyclable entre la Cloche d'or et Kockelscheuer le long du CR186"**

**1. Ass de Minister der Meenung, dass en zousätzleche Vëloswee laanscht de CR186 noutwendeg a sënnvoll ass?**

All regional Vëlosverbindung déi onofhängeg vum motoriséierte Verkéier geschafe gëtt, ass eleng schonns aus der Siicht vun der Verkéierssécherheet sënnvoll. Och sief hei op de Koalitiounsaccord verwisen, deen dës Thematik och traitéiert:
*[...Vélo : Les liaisons cyclables entre les pistes cyclables communales, régionales et nationales seront développées en priorité dans le but de réaliser rapidement un réseau national contigu de pistes cyclables. Le réseau de pistes nationales tel que défini par la loi sera réalisé au plus vite. Dans ce contexte, les synergies existantes avec les communes seront améliorées et de nouvelles synergies seront créées afin de garantir une mise en œuvre cohérente. Lors de la construction de nouvelles routes, la possibilité de construire des pistes cyclables en parallèle sera obligatoirement examinée. Davantage de voies cyclables rapides seront mises en place...]*

Deemno si kommunal Initiative fir Vëlosverbindungen ze schafen natierlech sënnvoll an och noutwendeg fir dës Objektiver ze erreechen. D'Stroossebauverwaltung schafft an dësem Sënn hirersäits un all de Projeten déi am modifizéierte Gesetz vum 28. Abrëll 2015 betreffend dem nationale Vëlospistereseau virgesi sinn.

**2. Sinn am Ëmkrees vun der geplangter Vëlospiste d'Foussgänger- a Vëlospisten an de Bëscher an engem ugemoossenen Zoustand net nëmme fir d'Vëlosfueren an der Fräizäit mee och fir d'Vëlosfuere fir déi Vëlosfuerer déi op d'Aarbecht fueren?**

Am genannte modifizéierte Gesetz vun 2015 ass e Vëloexpresswee (PC103) tëscht Beetebuerg an der Stad virgesinn, dee gréisstendeels parallel zur Autobunn A3 respektiv der Neibaustreck vun der nationaler Eisebunnsgesellschaft CFL verleeft. Dësen ass haut zum Deel schonns gebaut, am Bau oder nach an der Planung. Dernieft ginn et haut scho verschidde Verbindungen/Weeër déi et erméiglechen indirekt tëscht der Kockelscheier an der Stad ze zirkuléieren. All dës Weeër hunn awer zum Deel verschidden Nodeeler, sief et de Belag, den Ëmwee oder och d'Kräizungsberäicher mam motoriséierte Verkéier. Eng direkt an optimal Verbindung fir d'Vëlosfuerer déi op dëser Achs op d'Aarbecht a rëm Heem pendelen, gëtt et deemno haut nach net.

**3. Huet d'Gemeng Réiser an hirem Projet net genügend Kompenséierungsmoossname proposéiert? Wann d'Äntwert Nee ass, wéi eng Moossname feelen nach?**

An der Demande fir d'Naturschutzgeneemegung war ee "Bilan écologique" bäigeluecht. Déi aus dësem Bilan resultéierend Ekopunkten kennen iwwert eng "Taxe de Remboursement" integral an de Flächepool abezuelt ginn. Parallel dozou ass an de Konditioune vun der Geneemegung, déi op den am Dossier bäigeluechten Etudë vun agreéierten Experte foussen, festgehale ginn, datt am Virfeld vun den Aarbechten am Beräich vun de Fiichtflächen ee Moukenzonk gesat muss ginn. Zousätzlech mussen och gréisser Beem virun dem Haen op besate Quartéier vu Flantermais kontrolléiert ginn, fir esou een Impakt op dës Aarten ze verhënneren.

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et de la Biodiversité

Lëtzebuerg, den 14. Mäerz 2024
(s.) Serge Wilmes
Minister fir Ëmwelt, Klima an Biodiversitéit